# ASSEMBLEE GENERALE EXTRAORDINAIRE

28 JANVIER 2021

DÄICHHAL ETTELBRUCK

Special Olympics
Luxembourg

# Ordre du jour:

1. Allocution de Madame la Présidente
2. Modification des statuts

**Article 4**

**Ancien texte**

La mission de la Fédération est : d’offrir à toute personne déficiente intellectuelle, âgée de 8 ans et plus, la possibilité de pratiquer un sport adapté et de suivre régulièrement des programmes d’entraînement, de viser au meilleur épanouissement de la personne déficiente intellectuelle et à la sensibilisation de son entourage. Le sport est utilisé comme moyen de reconnaissance sociale.

**Nouvelle proposition**

La mission de la Fédération est d’offrir des entraînements et des compétitions sportifs tout au long de l'année dans une variété de sports de type olympique pour les enfants et les adultes ayant une déficience intellectuelle,  afin de leur permettre de développer leurs aptitudes physiques, de faire preuve de courage, de s’amuser et de partager leurs talents, compétences et amitié avec leurs familles, d'autres athlètes Special Olympics et la communauté.

# Ordre du jour:

**<u>Article 20</u>**

***<u>Ancien texte</u>***

L'assemblée *générale désignera deux réviseurs de caisse qui vérifieront la gestion de la caisse et les fonds de l'association.*

***<u>Nouvelle proposition</u>***

Les comptes annuels sont contrôlés par un Réviseur d'Entreprises indépendant nommé par l'Assemblée Générale, en raison de sa qualification, pour une durée renouvelable à déterminer. Le Réviseur d'Entreprise dresse un rapport destiné à l'Assemblée générale qui, en cas d'approbation, donne décharge au Directeur des Finances ».

**<u>Article 30</u>**

***<u>Ancien texte</u>***

*Tout membre* du *comité et du bureau exécutif absent sans excuse à trois réunions successives peut être démis de ses fonctions par l'Assemblée Générale.*

***<u>Nouvelle proposition</u>***

Tout membre du comité et du bureau exécutif absent du Comité sans excuse valable à trois réunions consécutives ou à six réunions non consécutives, est réputé démissionnaire avec effet immédiat.

# ASSEMBLEE GENERALE

28 JANVIER 2021

DÄICHHAL ETTELBRUCK

Special Olympics
Luxembourg

# Ordre du jour:

1. Allocution de Madame la Présidente
2. Adoption du rapport de l'Assemblée Générale 2019
3. Rapport d'un Représentant des Athlètes au sein du Comité
4. Rapport du Directeur National
5. Rapport du Directeur des Finances et décharge par les Réviseurs de Caisse
6. Décharge du Comité
7. Modifications des statuts
8. Election du nouveau comité pour la période 2020-2022
9. Fixation des cotisations
10. Programme 2020-2021
11. Prévisions budgétaires et stratégiques pour 2020-2021
12. Discussion libre

Special Olympics
Luxembourg

# Allocution de Madame la Présidente

# Pascale Schmoetten



Special Olympics Luxembourg

Ech géif dës AG ufänken andeems ech iech em eng Gedenkminutt bieden.
Dat fir 2 vun eise verstuerwene laangjährege Kommiteesmembere Robert Decker an Edith Maréchal, an och allen anere Memberen a Frënn ze gedenken. Merci.
Ech soll de Sportsminister Dan Kersch entschëllegen, a begréissen d'Madame Chantal Hayen vun der FLA an den Här Claude Kremer vun der FLF

Léif Frënn vu Special Olympics,
Ech begréissen iech ganz häerzlech op eiser AG 2020 am Joer 2021
„Alle Jahre wieder…..", Donneschdes, um Enn vum November……,
Jo, sou war et säit Joren, bis dass d'Joer 2020 koum…..
Jo, „Corona" ass säit 2020 an der ganzer Welt präsent, an ass 2021 och nach ëmmer net fort.
Mir konnten eis AG net wéi üblech am November ofhalen, mir sinn awer frou, dass mir dat da lo haut kënne maachen.
2020 wäert ee Joer bleiwen, wat kaum engem aus der Erënnerung geet.
2020 huet vun engem Dag zum aneren alles op d'Kopp gestallt.
Et gouf zu engem schwéieren, ustrengenden an ongewësse Joer…… a leider si mir, wéi scho gesot, och 2021 nach net doduerch. 2020 huet eis alles a Fro gestallt: eis Fräiheet / Fräiheeten, eis sozial Kontakter, eis…., eis….., jo, sou vill vun eis alleguer war op eemol net méi wéi virdrun.
Jidderee krut et op seng Art a Weis ze spieren.
Ech si mir bewosst, dass verschidde Milieuen extrem haart getraff goufen, mee och de Sportsmilieu gouf bei wäitem net verschount.

Zouen Halen, zoue Schwämmen, ……., Sport dobausse war verbonne mat Kontaktaschränkungen, Distanzregelen, Maske virum an nom Training, respektiv dann och eng ganz Rei vu Wochen nëmmen am private méiglech, sou dass een als Veräin oder Verband mol guer keen Training konnt ofhalen. Och de Moment ass et nach äusserst schwéier, Traininer ze organiséieren.
Fir Outsider vum Sport mag et komesch kléngen, wann een dem Sport ee gréissert Gewiicht , sprëch eng Wichtegkeet a schwieregen Zäite gëtt, wou ebe vill aner Secteuren äusserst gebeutelt sinn. Mee grad a sou Zäiten ass et wichteg, de Wert vum Sport ze beliichten. Dass Sport un éischter Stell Spaass a Freed vermëttelt, ass eng Saach. Mee Sport ass vill méi, wéi just dat. Et ass bewisen, dass Sport ee positiven Afloss op déi physesch a mental Gesondheet vum Mënsch huet. Déi sozial Kontakter si säit jeher fir d'Entwécklung vun engem gesonde Mënsch wichteg gewiecht, a lo plötzlech geet dat alles verluer.
Fir Mënsche mat enger Beanträchtegung ass dat méiglecherweis alles nach vill méi wichteg.
Dat däerf net ënnerschätzt ginn, geschweigs réischt gemierkt ginn, wann et ze spéit ass.
2020 gouf Sport, wéi vill aner Saachen, zur Niewesaach. 2021 kann een hoffen, dass eng Besserung vun der Situatioun an Aussicht ass.
Als ganz positiv zréckbehale kënne mir awer, dass trotz absoluten Aschränkunge verschidden Trainer vun SOL mat vill Engagement puer flott virtuell Aktiounen zesummegestallt hunn. Dozou spéider méi.
Losst mir hoffen, dass dës sanitär Kris geschwënn een Enn kritt, fir dass mir alleguer rem kënne sou liewen, wéi mir dat gewinnt waren, a besonnech net méi an eise Fräiheeten ageschränkt sinn. An dass de Sport dee Stellewert kritt, deen e verdingt huet. Vläicht méi, wéi je virdrun.

# Adoption du rapport de l’Assemblée Générale 2019

adopté par acclamation

Special Olympics
Luxembourg

# Rapport d’un Représentant des Athlètes au sein du Comité

# Danièle Jankowoy




Special Olympics
Luxembourg

Léif Frënn,

2020 war e komescht Joer.
D'Saison hat grad ugefaangen an mir waren e puer Mol op den Training an dunn hu mir schon erëm missen ophalen.
Ofstand halen, Masquen undoen a wéineg Leit gesinn – dat hu mir alleguer dat ganzt Joer gemaach.
Am meeschten huet mir den Dëschtennis an d'Schwamme gefeelt. An de Kontakt mat deenen anere Sportler, Trainer a Betréier. Mir hunn eis net méi um Training gesinn an alleguer d'Aktivitéiten ware gestoppt. Ech vermëssen Iech wierklech alleguer vill. Bestëmmt hunn déi aner Sportler déi selwecht Schwieregkeeten wéi ech a waren enttäuscht, dat si hiere Sport net maache konnten.
Vill vun de Sportler hunn mir och geschriwwen. Esou hu mir Kontakt gehalen a mir hunn eis motivéiert weider ze kämpfen an duerch ze halen. Ech soen hinnen ëmmer: Et geet eriwwer a mir brauchen nach e bësse Gedold!
Ech hu mech fit gehalen andeems ech lafe war a Sport doheem gemaach hunn. Ausserdeem hunn ech erëm ugefaange mat molen.

D'Motivatioun war awer erëm grouss wou am Dezember Ateliere waren wou mir och erëm mat Special Olympics Sport konnte maachen!

Do war den Adventskalenner wou all Dag eng aner Aktivitéit war. Zum Beispill Hampelmann maachen, Trëppelen oder Lafen. Mee et waren och aner Saachen dobäi wéi Baken oder de Chrëschtbeemchen opriichten. Dat huet immens Spaass gemaach.

Mir haten och online Sport mam Romy. Dovu kruten mir Sportler net genuch a mir wollten alleguer net ophalen! Mam Online Sport ware mir iwwert den Internet zesummen an hu matenee gekämpft a Sport gemaach.

Dofir well ech dem Romy e ganz grousse Merci soen! An dem Kommitee och Merci soen dat si eis d’Méiglechkeet ginn hunn erëm Sport ze maachen a fit ze bleiwen.

Mir Sportler hoffen dat mier dëst Joer erëm eise Sport kenne maachen, ouni Masquen an Ofstand an dat mir eis erëm all an den Aarm huele kennen. Mir hoffen dat et lues a lues besser gëtt an et erëm normal gëtt.

Bis dohi waarde mir a kucken op eis Gesondheet opzepassen an eis fit ze halen esou gutt et geet.

Geschwë gesi mir eis erëm an da kenne mir eis an den Aarm huelen.

Merci

# Rapport du Directeur National

## Marc Feltgen




Special Olympics
Luxembourg

# Special Olympics International

THE REVOLUTION
IS INCLUSION

Special Olympics
FACES OF FOOTBALL



D’Joer 2019-2020 war e ganzt komescht Joer, mir haten eis esouvill Sachen virgeholl, besonnesch Déplacementer an d’Ausland stoungen am Virdergronn, mee d’Crise sanitaire huet eis e Strech duerch d’Rechnung gemaach.
Am Wanter konnte mir nach verschidden Aktivitéiten doheem an am Ausland maachen, mee duerno si mer praktesch, gezwongenerweis, zum Stillstand komm.  Loost eis emol e bëssen iwwert dat ganzt Joer kucken.

**Special Olympics International**

**Activités internationales**

Um internationalen Niveau huet SOI eng Rei vun Aktiounen an d’Liewe geruff (oder weider gefouert) wéi z.B. « The Revolution is Inclusion ». Mir hunn un de meeschten Aktiounen net weider deelgeholl, well déi meecht sech op Saachen an Amerika bezéien an net onbedengt fir Europa relevant sinn. Och kënne mir net alles maachen, eis éischt Aufgab ass fir eise Sportler d’Méiglechkeet ze ginn, Sport ze maachen. An Inklusioun an Amerika ass aanescht wéi déi an Europa oder soss op der Welt.

Dat selwecht war mat alle Virschléi déi komm si wéi ee mam Covid-19 sollt emgoen. Et war net méiglech sech un hier Virschrëften ze halen, mir hu jo missten no eisem Land kucken.

Gudd Beispiller waren d’Aktivitéiten déi eis Sportler doheem kënne maachen fir fit ze bleiwen. Mir hunn des Saachen ëmmer un eis Sportler an Traineren weider geleet. Do wou mir an Zukunft kéinte mei aktiv ginn ass am Bereich vum Youth Leadership (Jugendlecher mat an ouni Behënnerung) fir mei Jugendlecher op eis opmierksam ze maachen an ze motivéieren. Do missten op jiddefall Aktiounen a Schoulen gemaach ginn, wann dat nemme méiglech ass.

# Special Olympics International
# EELC and EESC Committee






**EELC an EESC**

De Pierrot an de Marc Feltgen si Membere vun dësen zwee europäesche Gremien, leider waren eis Meetinger dëst Joer nemme virtuell.
Och d'Konferenz zu Tallinn, déi fir November 2020 virgesi war huet missen ofgesoot ginn, an et war just e klenge virtuelle Meeting.
D'nächst Joer soll dann eng gemeinsam Konferenz fir Sport an Dirigeants administratifs zu Tallinn sinn.
Och hunn SOI an SOEE regelmässeg Webinaren ugebueden wou besonnesch iwwert d'Pandemie an hier Auswierkungen op Special Olympics Programmer geschwat gouf.

Et war e gudde Wee fir international am Kontakt ze bleiwen a gudd (oder manner gudd) Beispiller aus dem Ausland ze kréien wéi SO Programmer mat der Situatioun ëmgaange sinn. Sou huet z.B. SO Slowakei allen hiere Sportler e Sportskit heem geschéckt, esou dat se konnten doheem Sport maachen. Dat war natierlech nëmme mat Hëllef vun engem Sponsor méiglech.
Vill ass och diskutéiert ginn iwwert de neie strategesche Plang (mir komme spéider drop zréck), iwwert nei virtuell Méiglechkeete fir eis Sportler ze motivéieren an iwwert Weltspiller 2021 (oder besser 2022).

Am Laf vum Joer sinn d'Special Olympics Sports Reglementer ugepasst ginn.

Ab 2021 waert ech dann och, aus verschiddenen Grënn, net méi am EELC vertruede sinn.




## SNOWSHOEING

### BUREVESTNIK STADIUM



TRAVEL TIME

| Accommodation Venue | km | h:min |
|---|---|---|
| Universiade Village | 150 m | 0:02 |

- 8 running tracks
- 400 m loop
- Stands for 2000 spectators

## ALPINE SKIING & SNOWBOARDING

### SVIYAGA ALPINE SKIING COMPLEX



TRAVEL TIME

| Accommodation Venue | km | h:min |
|---|---|---|
| Universiade Village | 47 | 1:12 |

- Blue course (2nd slope) - 1050 m, vertical drop - 155 m, width - 37 m, incline - 56.09%
- Red course (3rd slope) - 760 m, vertical drop – 130.3 m, width – 51.5 m, incline – 53.27%
- Red course (3A slope) - 850 m, vertical drop - 140 m, width - 34 m, incline – 53.94%
- Red course (3B slope) - 265 m, vertical drop – 52 m, width – 20 m, incline - 40%

## CROSS COUNTRY SKIING

### SKIING AND BIATHLON COMPLEX



TRAVEL TIME

| Accommodation Venue Venue | km | h:min |
|---|---|---|
| Universiade Village | 9 | 0:12 |

- 5 km Tracks (80 hectares)
- Stands for 500 spectators

**SOWWG2021**

Ufank 2020 koum d’Noricht dat d’Weltwanterspiller 2021 net kéinten a Schweden ofgehale ginn, well d’Regierung déi versprache puer Milliounen net giff zur Verfügung stellen.
Dat war natierlech e Schock, well wéi e Land kéint dëst an esou kuerzer Zeit iwwerhuelen.

Am Juli 2020 ass dou bekannt ginn, dat d’Spiller giffen em 1 Joer gereckelt ginn an dat Kazan (Russland) Spiller giff iwwerhuelen.

Mir haten zu Letzebuerg scho mat der Selektioun vun der Ekipp ugefaangen, an déi ass dunn am Laf vum Joer och duerch en Tirage au sort bestätegt ginn. Firwat en Tirage au sort, mee ganz einfach well sech méi Athleten gemellt hate wéi mir mathuelen duerfen.

Mir hunn och schon déi éischt Informatiounen iwwert d’Spiller an Umeldungen kritt, a waerten domadder Ufank März dann mat organiséieren ufänken.

# Special Olympics Luxembourg
# Stratégie 2016-2020



## EFW : Campagne Faces of Football

Eng flott, éischt virtuell Kampagn vun SOEE war « Face of Football » déi die traditionell Fussballwoch ersat huet. All Land konnt seng Fussballspiller, Trainer, mee och Supporter umellen an op der online Platform sichtbar maachen. Fir all Umeldung sinn et Punkte ginn. Fussballspiller konnten dann, iwwert eng Rei vun Uebungen, déi se um Training konnte machen (Gott sei Dank war em déi Zeit Training nach méiglech), hier Fähegkeeten weisen an zousätzlech Punkte kréien. SOL huet am Ranking vun den europäesche Programmer op der 4. Plaz ofgeschloss, e grousse Merci u jiddereen deen eis do ënnerstetzt huet, besonnesch och d'FLF.

## Plan stratégique

Wat eise strategesche Plang ugeet, konnten mir leider net alles esou ëmsetze wéi dat virgesi war. Mir konnten nach nei Sportspartner mat der FLNS an der Résidence Walferdange (Sektioun BB) fannen. De Parternariat mat der FLHLP misst dëst Joer ënnerschriwe ginn. Am Unified Sports konnte mir allerdengs keng zusätzlech Sportart aféieren. Och mat de Schoule war näischt dran, mee dat ass secher eppes wou mir dru wärte schaffen. Déi nei Medien ass och eppes wat eise neien Comitésmember, de Jerry Buccari um Plang huet, grad esou wéi eng mei grouss Präsenz vu Sportspersonalitéite bei eisen Evenementer. Mam neie Sportsminister hate mir 2 Réuniounen a mir hu säi ganze Support, wat och seng Ënnerstetzung fir de Poste vum Sportdirekter weisst. Mir hunn och eng Réi vun neie Leit an de Comité derbäi kritt, wat an deem Sënn ganz positiv ass. Fir 2021-2024 ass en neie strategesche Plang vun SOI komm an do erkläre mir Iech duerno wat mir aus desem Plang wëllen ëmsetzen.

# Activités sportives

Special Olympics
Luxembourg

# Activités sportives

Leider konnte mir an der Saison 2019-2020 net vill Sportsevenementer organiseieren oder un Evenementer deel huelen. Och eis Traininger konnten net wéi gewinnt ofgehalle ginn, esou dass ech hei op Zuele verzichten.

Am November 2019 huet eis Basketballékipp op engem Turneier zu München deel geholl, wou dei unified Ekippen och vun internationalen Beobachter analyséiert gi sinn. Och hate mir am Dezember 2019 nach eisen éischten unified Fussballturnéier am Dome vun der FLF zu Monnerech.  Dofir e grousse Merci un de Claude Kremer an seng Ekipp, mir fréen eis schonn op déi nächst Oplag. Eis Fussballekippp war dann och zu Gooik an zu Konz op Turnéieren.  Verschidde Leef wou eis Lafgrupp deelgeholl huet, déi traditionell 800m Course um CMCM Meeting vun der FLA esou wéi de Basketballdag konnten dann nach virun dem Lockdown gemaach ginn.

Am Wantersport hu mir am Langlaf zu Oberhof, Snowshoeing an der Schwäiz an Stickshooting zu Berchtesgaden deel geholl, a konnten am Februar och nach eis traditionell Wantercolonie organiséieren.

An dou war leider Schluss. Keen Training, keng Evenementer wou mier eis physesch konnten treffe ware méiglech.

Während der kurzer Zäit wou mir trainéiere konnten, hu mir dann ënnert der Leedung vum Suzie Godard 2 Schnupperdeeg mam Velo gemaach, dëst am Hibleck fir des Sportart an eise Programm ze huelen.
Och ass Ufank September e Partenariat mam TC Esch am Tennis ënnerschriwe ginn, a zënterhier trainéiere mir , wann et meiglech ass, zu Esch.

# Activités sportives

- Tournoi de Basketball Unifié à Munich
- Tournoi de Football Unifié au Dome (FLF)
- Tournois de football à Goiik (B) et Konz (D)
- Diverses Courses sur route
- Journée de Basketball
- 800m Course lors du CMCM-Meeting de la FLA

# Activités sportives d'hiver











# Special Corona Activities






















# Activités sportives

De Rescht ass alles virtuell gelaf, an do hate mir zënter März praktesch emmer eng Aktivitéit parat. Eis “Special Corona Aktivitéiten” hu bestanen aus :

- Special Dance Challenge
- Special Work-out Challenge
- Special Solo-Run Challenge
- Special Kaartespill Challenge
- Mir baken eng Taart
- Special Bingo Challenge
- Special 1000km Challenge
- Virtual Walk by Paypal
- Special Online AT Training
- Unified Basketball Quiz
- Special Adventskalenner
- Special Online Training mam Romy
- Partizipatioun vun eise Liichtathleten un der virtueller Swiss Challenge

Ech hu bestemmt do nach eng oder dei aner Aktivitéit vergiess. Merci un all déi Leit déi matgehollef hunn des Aktivitéiten ze organiséieren, well dat war richteg vill Aarbecht. Jiddereen de mat gemaach huet krutt een Zertifikat an/oder eng Medaille. Merci och u jidder Sportler an Trainer, esou wéi ganz Schoulklassen déi aktiv un de “Special Corona Aktivitéiten” deel geholl hunn.

Zum Schluss dann eng Rei vu Mercien. Den Abby Toussaint huet eis fir de 40ten Gebuertsdag e ganz flotte Kado gemach andeems hien 2 inklusiv Videospoten gemaach huet. Deen éischten hudd dir schon am Ufank vun der Assemblée gesinn, den 2ten gëtt dann zum Schluss gewisen. Nach eng Kéier e grousse Merci fir des eemolleg Ënnerstetzung.

Merci un eis Sportler déi an dësem schwéiere Joer op eis nei virtuell Saachen réageiert hunn an se matgemaach hunn. Mier wëssen dat mir se net all konnte motivéieren, mee et kommen ëmmer méi Sportler derbäi déi matmaachen. Merci un eis Traineren, wou eng Rei vun hinnen mat neien Iddie komm si fir kënnen Sport mat hieren Sportler ze maachen. Et war net einfach.

Och soe mer de Gemenge vu Koplescht a Fréiseng Merci fir bereetstelle vun hierer Hal fir de Basketball a Fussball wéi dëst am Rehazenter net méi méiglech war.

Merci och un de Comité fir säin onermiddlechen Asaz. Der Press, et war dëst Joer leider net esou oft Geleegenheet iwwert SOL Aktivitéieten ze berichten, grad esou wéi eise Volontairen gëllt den nächste Merci.
Merci un alleguer déi, déi op irgendenger Aart a Weis aktiv fir Special Olympics sinn.

Merci fir ärt Nolauschteren.

# Rapport du Directeur des Finances

## et décharge par les réviseurs de Caisse

# Lieven Decroos



Special Olympics
Luxembourg

„En continuation“ vum leschte Joer hu mir eis nach méi no Bausse gewise fir eis Finanzen.  Mir hunn och weiderhin eis Joreskonte vun engem professionellen Audit kontrolléiere geloss. Dës Approche dréit scho Friichte well se de Kontakt mat de Finanzpartner erliichtert.  Mir soen hinne Merci fir hiert Vertrauen.

Mat der Hëllef vun iech all hu mir et fäerdeg bruecht nach nei Partner derbäi ze kréien. Ee grousse Merci.

Ganz wichteg ass ëmmer nach eis Präsenz dobausse wou mir Special Olympics Lëtzebuerg onermiddlech vertrieden. Dës Aarbecht gëtt net ëmmer vu jidderengem gesinn, mee et gi vill Stonnen heidran investéiert an dat bréngt um Enn seng Friichten. Ech soen duefir jidderengem Merci, deen Deeler vu senger Fräizäit „opfert“ fir dass d’Leit dobausse gewuer ginn, wien a wat mir sinn.

Zum Schluss dann ee Merci un all déi Firmen, Organisatiounen, Clibb, Gemengen an och Privatpersounen, déi eis dëst Joer op iergend eng Aart a Weis ënnerstëtzt hunn.

Ier mir de Bilan 2019-20 presentéieren, erklären ech iech nach d’Aarbecht vun den Auditeuren an hir Conclusiounen.
Wirwat een Audit ? Et war eng Demande vun SOI dat all Programmer, déi méi wéi 100.000 € Recetten hunn, esou een Audit maache mussen.
Wat huet den Auditeur gemaach ? Firma Grant Thornton huet d’Conformitéit an d‘Tenue vun de Konten ënnersicht an duerno d‘Conclusiounen un eis weider ginn. D' Konsequenz vun dësem professionellen Audit ass datt et déi alljährlech statutaire Interventioun vun eisen Auditeure net méi noutwendeg mécht well et een „double emploi“ ass. Dat ass de Grond firwat mir eis Statuten upassen.
Wat sinn da lo d‘Conclusiounen? Eis Konte weise keng Feeler op a si korrekt gemaach, d'Adaptatioun vun der Comptabilité méthodologie no den aktuellen Standards vun der ASBL gouf weidergefouert. Z.B. ass dat d’Opdeele vun de Recetten an Dépensen op dat jeweilegt Joer (europäesch Konferenz am Oktober 2019). A mir mussen och duerstellen wéi eist Resultat vum Joer an dem nächste Joer iwerholl gëtt. Déclaration bénéficiaire économique.

Wann dir gären de Bericht duerchkuckt, sot eis et, mir hunn en zu ärer Verfügung hei leien.

Hei dann elo de Bilan 2019-20 an dat wéi schonn déi lescht Joeren ënnert enger vereinfachter Form, den detailléierten Bilan ka bei eis agesi ginn, wann dir dat wëllt

………

De Budget fir dat nächst Joer wärte mir da spéider gesinn.

Ech soen iech Merci fir äert Nolauschteren a ginn d’Wuert weider.

# Partenaires Financiers

armacell

MAKING A DIFFERENCE AROUND THE WORLD.

LOTERIE NATIONALE

Vodafone Foundation

ŒUVRE Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte

www.confiance.lu
AGENCE IMMOBILIÈRE TOUSSAINT Abby
Tél: 32 81 73-1 • MERSCH

SOCIETE GENERALE

CMCM
Zanter 1956
Do, wann Dir eis braucht.

NOVUS RENOVATION

FONDATION ENOVOS
sous l'égide de la Fondation de Luxembourg

Deloitte.

Votre concessionnaire Volkswagen
Garage Biver
32 rue d'Erpeldange
L-9518 Weidingen
Tél.: 95 83 48, Fax: 95 78 77
www.garage-biver.lu

CONCEPT + PARTNERS

Your solution
www.yoursolution.lu

NOVUS HOME DESIGN

fi
Fiduciaire interrégionale s.a.
fiduciaire comptable

# Partenaires Institutionnels

Ecole Privée Sainte-Anne
Lycée secondaire général
108 Grand-rue L-9051 ETTELBRUCK
Boîte postale 117 L-9002 ETTELBRUCK

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

LUXEMBOURG
LET'S MAKE IT HAPPEN

TEAM LËTZEBUERG

# Partenaires Sportifs

Tennis-Club tce Esch

FC WILTZ 71

FÉDÉRATION LUXEMBOURGEOISE DE FOOTBALL FLF

Racing FC Union Lëtzebuerg

FLA Fédération Luxembourgeoise d'Athlétisme

FLTT

FLNS Luxembourg

Basketball Club Résidence Walferdange

FEDERATION LUXEMBOURGEOISE DE BASKETBALL
FLBB

## Budget 2019 – 2020 ( en EURO)

| | | | |
|---|---|---|---|
| Dépenses | -156,150.00 € | Recettes | 129,500.00 € |
| Résultat estimé | -26,650.00 € | | |

## Bilan 2019 - 2020

| | | | |
|---|---|---|---|
| Dépenses | 209,982.23 € | Recettes | 227,852.63 € |
| Résultat de l'exercice | 17,870.40 € | | |
| | | | |
| *Soldes des comptes bancaires* | *177,558.73 €* | | |

| **Chiffres-clé** | **Total** | **Dépenses** | **Recettes** |
|---|---|---|---|
| **Frais de gestion** | **-23,634.87 €** | **39,327.12€** | **15,692.25 €** |
| **Activités extra-sportives** | **4,253.23 €** | **8,098.52€** | **12,351.75 €** |
| **Activités sportives** | **-38,024.12 €** | **85,537.86€** | **47,513.74 €** |
| **Dons, Subsides, Cartes de Membres** | **90,766.38 €** | **225.38€** | **90,991.76 €** |
| **Conférence SOEE** | **-15,490.22 €** | **76,793.35 €** | **61,303.13 €** |

Affectation des résultats :
L'excédant de l'exercice du montant de 17,870.40€ est reporté à l'exercice suivant

# Décharge par réviseurs de caisse et

# Décharge par acclamation

Special Olympics
Luxembourg

# Décharge du Comité

## Décharge par acclamation

Special Olympics
Luxembourg

# Modifications des statuts 2020-2021

## Modification acceptée par acclamation

Special Olympics
Luxembourg

# Election du nouveau comité pour la période 2020-2022

Special Olympics
Luxembourg

# Elections du nouveau Comité

Candidats pour le Comité de Special Olympics Luxembourg
pour la période 2020-2022

Pascale Schmoetten
Ed Pick
Marianne Mehlen
Lucie Badois
Lieven Decroos
Torsten Ottens
Roby Reiland

Jerome Charpentier
Jerry Bucari
Anne Wiance
Jorge Pinto
Daniele Jankowoy
Holm Ristok

# Fixation des cotisations

# Cotisations inchangées

Special Olympics Luxembourg

# Programme sportif 2020-2021

Special Olympics
Luxembourg

# Calendrier sportif 2020 - 2021

Leider kënne mer fir des Saison nach net viraus soe wat mir iwwerhaapt maache kënnen. Mee mie mussen awer plangen, well et ass wichteg, dat mir alleguerten am Bleck hunn dat mir weiderhin och dëst Joer kënne Sport machen.

Mir hoffe jo dat mir geschwënn erem kënnen trainéieren an dann och verschidde Compétitiounen ubidden.

**Entraînements hebdomadaires** dans tous les sports
à Luxembourg, Frisange, Kopstal, Reuler, Ettelbruck, Schifflange, Schieren et Colmarberg

- ~~13.-20.02.21 : Wanterkolonie~~
  ~~27.02.21 : Basketballdag - Coque~~
  31.03.21 : Young Athletes Day – Coque
  15.05.21 : ING Night Marathon Luxembourg
  tbc : National Games TT, AT, AQ, BO, Turneier BB
  Dezember 2020 : Unified FB am Dome zu Monnerech

# Calendrier sportif 2020 - 2021

European Football Conference Budapest, Hungary, 23-24 March (on hold, conf. by 1 Feb.)

European Futsal tournament: Kaunas, Lithuania May (on hold, confirmation by 1 Feb.)

European 5-a-side tournament: Viljandi, Estonia, 10-14 June (on hold, conf. by 1 Feb.)

3x3 Unified Basketball at FIBA Open: Mies, Switzerland, 19-20 June (on hold, conf. by 1 Feb.)

"Gothia Special Olympics Trophy" 7-a-side Football: Gothenburg, Sweden, 12-16 July (confirmation by 1 Feb.)

21tst Annual Special Olympics European Football Week: Across Europe, 23-30 September

European Conference (Sports and Leadership): Sept/Oct, TBD

European Youth Unified Basketball tournament: Sansepolcro, Italy, October

18th Special Olympics European Basketball Week: Across Europe, 27 Nov – 6 Dec

European Unified Futsal "Christmas Cup": Halle, Vlaams-Brabant, Belgium 17-19 December

# Prévisions budgétaires et stratégiques pour 2020-2021


Special Olympics
Luxembourg

# Budget 2020 - 2021

| | | | |
|---|---|---|---|
| *Dépenses* | -248,100.00 € | *Recettes* | 198,500.00 € |
| *Résultat estimé* | -49,600.00 € | | |

| *2020-2021* | *Total* | *Dépenses* | *Recettes* |
|---|---|---|---|
| *Frais de gestion* | -66,700.00 € | -109,200.00 € | 42,500.00 € |
| *Activités extra-sportives* | -6,000.00 € | -10,000.00 € | 4,000.00 € |
| *Activités sportives* | -71,400.00 € | -128,400.00 € | 57,000.00 € |
| *Dons, Subsides, Cartes de Membres* | 94,500.00 € | -500.00 € | 95,000.00 € |

# Special Olympics Luxembourg 2021 Strategic Plan



# ASSEMBLEE GENERALE

28 JANVIER 2021



**Présentation du**

**Nouveau Directeur Sportif**

**Mme Gina Mombach**

Special Olympics Luxembourg

# ASSEMBLEE GENERALE

28 JANVIER 2021

**Merci aux entraîneurs**

**Merci aux membres sortants du Comité**

**Honorations**

**Discussion libre**

Special Olympics Luxembourg

# ASSEMBLEE GENERALE
## 28 JANVIER 2021

Nominations proposée par la Présidente et acceptées par l'Assemblée :

- Marc Feltgen : Consultant Externe
- Pierrot Feltgen : Membre d'Honneur
- Nico Soisson : Membre d'Honneur
- Marc Feltgen : Président d'Honneur

# ASSEMBLEE GENERALE

## 28 JANVIER 2021

**Merci à Marc  Feltgen pour plus de 40 ans d'engagement auprès de Special Olympics Luxembourg.**

**Remise cadeau à Marc Feltgen et Pierrot Feltgen.**



Special Olympics
Luxembourg